
DÉI ÉISCHT 100,7
KANNER RADIO NUECHT
EXPERIMENTER, BIS D'ELTERE SCHLOFEN
24.11.2023
VUN 19 AUER BIS MËTTERNUECHT
radio 100,7
© Lynn Cosyn '23

# FIR MATZESANGEN

## NIKKI NINJA – EUREKA

Fiwat ass den Himmel blo?
Ech hunn Duuscht, gëff mir H2O.
Ech kucken duerch mäi Kaleidoskop.
Firwat bleift de Fliger an der Luucht?
Mee de Fussball fält rëm rof? Mhhh
Wéi kënnt de Stroum an d'Steckdous?
Wéini ginn ech grouss?
Kënne Fësch puupsen?
Grujele Geeschter ëmmer an der Nuecht?
Firwat ass eng Schildkröt sou lues? Mhhh
Ech weess ganz vill, geet awer net duer,
Souvill Froen, ech well verstoen, elo!

(2x)
Wéini? Elo!

Dréinen de Radio op,
Mat Musek ass ëmmer méi flott.
Mäin Zëmmer gëtt zum Labo - STOPP.
Een aalt Hiem vum Pappa,
Botzhändschen an e Bräll,
Sécherheet muss sinn,
wann een experimentéiere wëll.
A lass! Schëdden Ueleg an d'Waasser.
Ech gesinn den Ueleg bleift uewen.
Ech verstinn: Ueleg ass méi liicht.
Tënt aus der Füllfieder schwëmmt,
Salz geet ënner wéi eng Kiischt.
Ech kucken, ech schmaachen, ech testen.
Du an ech wäerte mat eisen Iddien d'Welt
retten.

(2x)
Eureka, ech hu verstan!
Mam Big Bang huet alles ugefaang.
Eureka, Wëssen ass Hurra!
All Dag e bësse méi - JA!

Firwat ass dee Mann esou déck?
Firwat hält eng Bréck a fält net zesummen?
Firwat wunnen net all Pappa a Mamma
beieneen?
A wou sinn d'Bëbeedauwen,
firwat gesäit déi keen?




Schrauwen de Mixer auserneen,
Wëll dat vu banne gesinn!
Wei funktionéiert d'Spullmaschinn?
Firwat stinn d'Päerd am Schlof?
Firwat héiert een en Echo Echo Echo?
Magnéiter halen um Frigo,
mee um Bett fale se rof, Mhhh
Ech dreeme vun neie Planéiten a Stären,
Ech gesinn eng Explosioun!
Wat leeft op der anerer Säit vum Mound?
Souvill Froen, ech well verstoen, elo!

(2x)
Weini? Elo!

Dréinen de Radio op,
Mat Musek ass ëmmer méi flott,
Mäin Zëmmer gëtt zum Labo, halen net op,
Nee ni, ni, ëmmer méi Wëssen.
Woohoo!
Ech kucken, ech schmaachen, ech testen.
Du an ech wäerte mat eisen Iddien d'Welt
retten.

(2x)
Eureka, ech hu verstan!
Mam Big Bang huet alles ugefaang.
Eureka, Wëssen ass Hurra!
All Dag e bësse méi - JA!

# VIRWUERT



Léif Fans vun der Wëssenschaft
a léif hell Käpp,

Sidd dir prett fir déi éischt Kannerradionuecht? Mir si scho ganz gespaant a freeën eis op en Owend voller Geschichten, Experimenter a Musek.

Bis Mëtternuecht stinn d'Tessy Steffen Koenig an de Jean-Claude Majerus fir iech am Radiolabo an hunn och e puer verréckt Professeren a Professorinnen an Erfinder:innen invitéiert. Mat hinnen zesumme loosse mir Hoer zu Bierg stoen a Faarwen an der Däischtert danzen.

Spannend um Radio ass, wéi Biller just duerch Schwätzen an Nolauschteren an d'Käpp gezaubert ginn. Dofir hu mir Radio gären a wëllen iech dës Faszinatioun a genial Erfindung weiderginn a méi no bréngen.

Mee näischt ass méi schlëmm, wéi e virwëtzege Kapp, deem säi Bauch grommelt, oder? Dowéinst hu mir e puer Rezepter fir iech erausgesicht, déi dir zesumme mat äre Frënn, Famill oder Schoulkolleegen a -kolleeginnen nomaache kënnt.

Zäit fir ze raschten an ze spillen ass natierlech och. Dir musst net déi ganzen Zäit just virum Radio verbréngen. Sicht iech är Favoritten eraus a gestalt äert eegent Radioerliefnis.

Speziell fir d'Kannerradionuecht huet d'Nikki Ninja eis e Lidd geschriwwen, an dat spille mir ganz exklusiv um Radio. Spëtzt är Oueren a loosst ärer Fantasie fräie Laf, wa mir zesummen op eng spannend Rees duerch déi faszinant Welt vun den Experimenter a Geschichte ginn.

Eng Weltpremière ass och d'Lauschtergeschicht vum "Den Eppes", deen op der Kannerradionuecht déi éischte Kéier ze héieren ass.

Tessy Steffen Koenig
& Jean Claude Majerus



# DE PROGRAMM



| | |
|---|---|
| 19:10 | **GESCHICHT** D'Pechschwéngchen an de Glécksvull |
| 19:31 | **GESCHICHT** D'Pechschwéngchen a Spaghettie mat Champignonen |
| 19:40 | **GESCHICHT** D'Pechschwéngchen an de Gebuertsdagskaddo |
| 19:55 | **GESCHICHT** D'Pechschwéngchen op der Plage |
| 20:10 | **GESCHICHT** Den Eppes (1. Deel) |
| 20:20 | **EXPERIMENT** Faarwen am Däischteren |
| 20:26 | **GESCHICHT** Den Eppes (2. Deel) |
| 20:33 | **GESCHICHT** Den Eppes (3. Deel) |
| 20:37 | **KANNERREPORTER** Interview Nikki Ninja |
| 20:44 | **GESCHICHT** Den Eppes (4. Deel) |
| 20:53 | **GESCHICHT** Den Eppes (5. Deel) |
| 21:05 | **NUECHT AM MUSÉE** Asteroiden (1. Deel) |
| 21:13 | **GESCHICHT** De magesche Radio |
| 21:33 | **EXPERIMENT** Nuetsaktiv Déieren |
| 21:50 | **KANNERREPORTER** KI - Kënschtlech Intelligenz |
| 22:00 | **GESCHICHT** De Jos (1. Deel) |
| 22:10 | **EXPERIMENT** 3 Energiespuerluucht |
| 22:20 | **GESCHICHT** De Jos (2. Deel) |
| 22:30 | **NUECHT AM MUSÉE** Asteroiden (2. Deel) |
| 22:50 | **GESCHICHT** De Jos (3. Deel) |
| 23:00 | **NUECHT AM MUSÉE** Asteroiden (3. Deel) |
| 23:10 | **GESCHICHT** De Jos (4. Deel) |
| 23:30 | **NUECHT AM MUSÉE** Asteroiden (4. Deel) |



# KANNERREPORTER

Fir déi éischt Kannerradionuecht wore kleng Radioreporter ënner der Uleedung vun den zwee Enseignantë Raoul Petit a Steve Cocard fir iech mam Mikro an der Hand a mam Kopfhörer op den Oueren ënnerwee. Si hunn dem Christophe Schommer, Professer op der Uni.lu fir Kënschtlech Intelligenz, Lächer an de Bauch gefrot a wollte vum Nikki Ninja gewuer ginn, wat "Eureka" heescht.



# DRESSCODE



Haut maache mir Experimenter, fuerschen, a loossen et kraachen.
Dozou gehéiert och de richtegen Dresscode.

Experimenter ginn an engem ganz proppere Labo gemaach.
Fir datt kee Stëbs oder Dreck d'Resultater vun hirer Aarbecht ka beaflossen, di richteg Fuerscherinnen a Fuerscher wäiss Kittelen un. Fro deng Elteren, ob si e wäisst Hiem fir dech hunn, dat s du als Laboskittel kanns benotzen.

Fir alles direkt kënnen ze notéieren, wat ee bei engem Experiment erausfënnt, muss du natierlech e Bic an der Broscht-Täsch vum Hiem stiechen hunn.

Sécherheet ass ganz wichteg, wann een Experimenter mécht, dofir gehéiert e Schutzbrëll och zum Dresscode fir d'Kannerradionuecht.


Fuerscher:innen wëlle jo am beschte Fall Saachen erausfannen, déi bis elo nach kee wousst. Dofir musse si kënnen ëm den Eck denken an hunn net seelen de Ruff, liicht verréckten Iddien ze hunn. Mat enger zerwullter Paréck verdäitlechs du, datt ee sech bei dir am Labo op ongewinnten Erfindunge kann astellen.

## D'AVENTURE VUM PECHSCHWÉNGCHEN

vum Tessy Steffen Koenig

D'Pechschwéngchen huet, wéi säin Numm et scho seet, leider ëmmer Pech. Wéi gutt, datt et léif Frënn huet, déi him aus all kniwweleger Situatioun erausshëllefen. De Glécksvull, d'Kaweechelchen, d'Himmelsdéierchen an natierlech d'Pechschwéngchen erliewen zesumme spannend Aventuren a ginn zesummen op d'Plage, Champignone sammelen a feiere Gebuertsdag.

**VUN 19:10 AUER UN**







## DE JOS AN DÉI SAACH MAM ROBY ROBOCAT

vum Anja Di Bartolomeo

Wësst dir, datt een um Internet Robotere kritt, fir selwer zesummenzebauen?
De Jos decidéiert sech, fir den ultimative Robocator X7 Dynamicboost Isomics 3.0 Reloaded, deen hie mam Bopa Mario net esou ganz glécklech zesummebaut.
Wéi och nach dem Bopa säin ale Kolleeg Loulou de "Roby Robocat" programméiert, geréit munches ausser Kontroll.
Dëst ass déi aachte spannend Aventure vum Jos, déi net nëmmen d'Kanner zum Laache bréngen, an déi s du an der Kannerkëscht um Internetsite vum radio 100,7 fënns.

**VUN 22:00 AUER UN**



## DEN EPPES

vum Jhemp Hoscheit





D'Suri an d'Ulma, zwou kleng Feldmais, fannen an der Wiss, direkt beim Wee fir an d'Superdreckskëscht, en ale Spillroboter. Well si awer net wëssen, wat dat Déngen do fir eppes ass, nenne si et einfach "Den Eppes" a schleefen et mat bei sech heem.
Zesummen erliewen déi dräi an den nächsten Deeg flott awer och geféierlech Amenter, kréie Sträit a verdroe sech nees ... bis datt et dem Eppes ze bont gëtt!

"Den Eppes" ass eng spannend Geschicht mat klengen a grousse Mais, dem Heesprénger Salto an dem Maulef James an awer och mam gefréissege Bussar Hackizacki a mat déidleche Mausfalen.
An et ass eng Geschicht, an där een oppasse muss, datt een net an den Hënner gepëtzt gëtt.

D'Lauschterspill "Den Eppes" gëtt et op der 100,7-Kannerradionuecht als Weltpremière ze héieren. Geschriwwe gouf d'Geschicht vum Jhemp Hoscheit, deen och fir seng Bicher fir Erwuessener, wéi "Perl oder Pica", bekannt ass. "Den Eppes" gëtt et och mat flotte Biller als Buch, dat bei den Editions Guy Binsfeld erauskoum.

**VUN 20:10 AUER UN**



# EXPERIMENT 8

## SPILL ENG TOUNLEEDER AN DER KAFFISTAASS

Wichteg fir dëst Experiment ass de (Mëllech-)Schaum.
Dëse ka Loft an der Flëssegkeet bannenan erausloossen.

Den "Hot-Chocolate"- oder "Cappuccino"-Effekt gouf viru knapp 40 Joer vum Physiker Frank Crawford ënnersicht an ass ee Phenomeen, deen ee relativ einfach doheem ënnersiche kann. Maacht iech e Schocki oder Cappuccino (mat Mëllechschaum oder mat Instant-Pudder) an enger relativ déiwer Taass an tuppt da mam Läffel e puermol op de Buedem. Réiert duerno a widderhuelt dann d'Tuppen.

Den Toun, deen de Läffel produzéiert, geet duerch déi opgeschaimte Flëssegkeet a gëtt bei all Schlag méi hell, well no an no manner Loft an der Flëssegkeet gebonnen ass. Wann ee réiert, mëscht een nees Loft an d'Flëssegkeet, an da kléngt d'Taass erëm déif.

Dëst huet awer näischt mam Niveau vun der Flëssegkeet ze dinn, dee sech just ganz liicht ännert. Dës Toun-Ännerung huet mat der Vitess vum Schall ze dinn: Wat méi Loft an der Flëssegkeet ass, wat d'Vitess vum Schall méi lues ass. Wichteg fir den Toun ass d'"Kompressibilitéit", also wéi vill een eng Flëssegkeet zesummendrécke kann. Rengt Waasser kann ee quasi net kompriméieren.

Hei ass den Toun hell, well d'Vitess vum Schall héich ass. E Waasser-Loft-Gemësch (wéi Mëllechschaum) par konter léisst sech liicht kompriméieren, dohier ass d'Vitess vum Schall méi lues an den Toun méi déif. Maacht d'Experiment selwer no a probéiert mat verschiddene Flëssegkeeten.

Auteur: Joseph Rodesch (FNR)




# EXPERIMENT 9

## WÉI ENG FAARWE GESÄIT EEN AM DÄISCHTEREN?

Et heescht net fir näischt op Däitsch: Nachts sind alle Katzen grau.

Fir dëst Experiment brauchs du Lego- oder Duplostécker vun därselwechter Gréisst a 4 bis 5 verschiddene Faarwen, 4 bis 5 Becheren oder Schosselen, an en däischtere Raum. De Raum soll awer net esou däischter sinn, datt ee seng Hand net méi virun den Ae gesäit.

Setz dech an dee bal ganz däischtere Raum a verdeel déi faarweg Lego- oder Duplostécker um Buedem. De Raum soll esou däischter sinn, datt s du esou just nach d'Ëmrëss vun de Stécker erkenns. Probéier dann d'Stécker de Faarwen no an déi eenzel Becheren ze zortéieren. Da maach d'Luucht un an iwwerpréif, wéi vill Faarwen s du am Däischtere richteg erkannt hues.

Wéi eng Faarwe waren einfach ze erkennen? Warscheinlech wäerts du feststellen, datt wäiss a giel, respektiv schwaarz Stécker nach einfach ze erkenne waren. All déi aner Faarftéin ware just Nuancë vu Gro.

Eis Ae reagéieren op Faarf an Hellegkeetsreizer. Op der Netzhaut hannen an eisen Ae ginn et dofir zwou Zorte vu Sehzellen: Stäbercher an Zäppercher. Zäppercher hëllefen eis Faarwen ze erkennen, awer si funktionéiere just bei genuch Liicht. Am Däischtere schaffe si net. D'Stäbercher schaffe par konter och bei wéineg Liicht - si sinn immens liichtempfindlech. Mat de Stäbercher erkenne mir awer keng Faarwen, mee just Ënnerscheeder an der Hellegkeet (hell, gro Nuancen, däischter).

An der Dämmerung, wann et net méi ganz hell, awer och nach net ganz däischter ass, sinn d'Zäppercher an d'Stäbercher aktiv - d'Zäppercher just net méi esou staark.

Dofir kënne mir an der Dämmerung hell Faarwe wéi wäiss, giel oder hellgréng nach erkennen, well déi Faarwe méi Liicht reflektéieren.

Dofir ass et och besser, am Däischteren hell Kleeder unzedoen. Méi däischter Faarwe gesäit een an der Dämmerung net gutt; si erschéngen manner faarweg, rout Faarftéin gesinn dobäi nach méi séier gro aus, wéi blo oder gréng Faarftéin.

Vill Spaass beim Ausprobéieren!

Auteur: Michèle Weber (FNR)

**UM 20:20 AUER**



## SUNRISE MOCKTAIL

Wat brauchs du?

- Orangëjus
- Grenadine-Sirop
- Orange
- Äiswierfelen

1. Schëtt fir d'éischt den Orangëjus an e Glas mat Äiswierfelen.
2. Duerno kanns du ganz lues de Grenadine-Sirop dobäi schëdden.
3. Dekoréier däi Glas mat enger Scheif Orange.
4. Cool! De Sirop bleift um Buedem vum Glas, an du kriss e schéine faarwegen Iwwergang vu rout op Giel.
5. Dee Cocktail heescht Sunrise, well et ausgesäit, wéi wann d'Sonn géif op- oder ënnergoen.




## FAARWEG SPIISSER

Wat brauchs du fir 4 Portiounen?

- 4 Scheiwe Brout
- Botter oder frësche Kéis
- E Bond Réidercher
- Mauséiercherszalot
- 1-2 Wuerzelen
- 200 gr Kéis um Stéck
- 4 Holzspiisser

1. Schmier Botter oder frësche Kéis op d'Scheiwe Brout a klapp allkéiers zwou Scheiwen openeen.
2. Elo kanns du d'Brout a kleng Wierfele schneiden.
3. Wäsch däi Geméis a schneit et och a Wierfelen oder Scheiwen. (Du kanns natierlech och anert Geméis huelen, wéi uewen opgeléscht.)
4. Schneit och de Kéis a kleng Wierfelen.
5. Stiech elo d'Brout, d'Stécker Kéis an d'Geméis een nom aneren op d'Spiisser.





## KRAIDERSCHNECKEN

Wat brauchs du fir 8 Kraiderschnecken?

- 1 Packung Bliederdeeg (ca. 300 gr)
- 1 Ee
- 150 gr Stoffi
- 50 gr gerappte Kéis
- Salz a Peffer
- E puer Kraider
  *(elo am Hierscht kanns du zum Beispill Brenesselblieder, Kapuzinerkresse oder d'Hierschtpissblumm selwer sammelen. Du kanns awer och déifgekillte Rosmarin, Bratzelen oder Majoran benotzen)*



1. Lee de Bliederdeeg auserneen a rull en op enger flaacher Fläch ganz aus.
2. Schneit elo déi gewäsche Kraider kleng a réier si mam Ee, dem Stoffi, dem gerappte Kéis a Salz a Peffer zu enger Mass.
3. Elo kanns du och schonn de Bakuewe virhëtzen.
4. Schmier d'Kraider-Kéismass op den ausgerullte Bliederdeeg, wéckel en zu enger Strull zesummen a schneit dann 8 Scheiwen of (du kanns der och méi schneiden, wann s du léiwer méi dënn Schnecken hues)
5. Lee d'Scheiwen elo op de Bakpabeier um Bakblech a maach en op déi mëttelst Schinn am Bakuewen.
6. Looss deng Kraiderschnecken ongeféier 25 bis 30 Minutte bei 220 Grad oder op der Gasstuf 4 am Bakuewen.
7. Cool! Kuck mol heiansdo an de Bakuewen eran. Du gesäis, datt den Deeg opgeet a sech hieft.



FANGEROFDROCK

LIIBLINGSFAARF

UERTSCHAFT, DATUM

ËNNERSCHRËFT

# FUERSCHERPASS





MÄI FUERSCHERNUMM:

ECH GEHÉIEREN ZUR FUERSCHERKLASS:

ENG ERFINDUNG, DÉI ECH GUTT FANNEN:

ENG ERFINDUNG, DÉI D'WELT BRAUCH:

ECH WËLL DAT HEI ERFANNEN: